



Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°5216 vum 12. November 2021 vun den éierewäerten Deputéierten Här Fred Keup an Jeff Engelen iwwert "Bâtiment Jean Monnet 2"

1. Kann d'Regierung dës Virgäng bestätegen? Wa jo, wéi reagéiert si dorop?

D'Regierung kann dës Virgäng net bestätegen. Et besteet keng speziell Derogatioun fir de beschriwwene Projet. D'Anlag vun der zréckbehaleger Offer respektéiert den NOx-Maximalwäert vun 750mg/Nm³, entsprechend den Virgaben vum Cahier des charges.

D'Exploitatioun vum Gebai ass duerch eng Commodo-Geneemegung (1/16/0525 vum 7. Februar 2018) vum fir Ëmwelt zoustänneger Minister geneemegt. Dës Geneemegung mécht keng Virschrëften zu deenen Parametere déi déi honorabel Deputéierten opgeworf hunn.

Anlagen, déi ënnert d'Bestëmmungen vun deem genannten Reglement vum 24. Abrëll 2018 falen, mussen net am Virfeld geneemegt ginn.

2. Wéi ee Ministère huet déi uewe genannt Derogatioun ausgestallt? A wéi engem legislativen Text ass dës nozeliesen?

Wéi an der éischter Äntwert ernimmt, gëtt et keng speziell Derogatioun fir de Projet.

3. Wéi begrënn d'Regierung den Ëmstand, datt déi entsprechend Maschinnen déi op Basis vun dëser temporärer Derogatioun installéiert ginn, op 75% Nominallaascht gedrosselt musse gi fir den 750 NOX Ausstouss gerecht ze ginn, obwuel 100 % Laascht an der Ausschreiwung virgesi war an zwar 2 x 2550 kVa?

Wéi schon ernimmt, gëtt et keng speziell Derogatioun fir de Projet. Et muss och keng Maschinn op 75% Nominallaascht gedrosselt ginn fir dem NOx Ausstouss vun 750mg/Nm³ gerecht ze ginn.

4. Wéi eng zousätzlech Sécherheitsrisike si mat der an der Fro virdu genannter Drosselung vun der Leeschtung, bei Noutfall, Stroumausfall oder dem Fall vun enger Brandkatastroph verbonnen? No wéi enge Modalitéite sinn dës Anlage versécher?

Vu datt et keng Drosselung vun der Leeschtung gëtt, besteet och keen zousätzlech Sécherheitsrisiko. D'Anlag ass an der Chantiersphase duerch eng „Assurance tous risques chantier“ versécher an an der Exploitatioun duerch eng Feierversécherung.

5. Louche bei der Ausschreiwung och Offere vir, fir Anlagen ze installéieren, déi onmëttelbar konform wieren an deementsprechend vun 2025 un net méi missten nogërëscht ginn? Wa jo, firwat goufen dës net zréckbehalen?

Déi zréckbehalen Anlag ass konform zum Cahier des charges an am Aklang mat den nationalen an Europäeschen Bestëmmungen.

D'Anlagen vun den 2 konformen Offeren kënnen techesch nogërëscht gi vir méi streng Wäerter anzehalen. Déi gënschtegste konform Offer ass zréckbehalen ginn.

Bei der Ausschreiwung louchen keng Offeren vir, déi ouni Norëschten d'NOx Wäerter vun 190mg/Nm³ anhalen.



6. Wéi eng Gesamtkäschten si fir dës energeetesche Ausstattung vum Jean Monnet 2 Gebai, also souwuel d'Installatioun, wéi och fir d'Norëschte vun 2025 u virgesinn? Ënnert wéi engem Budgetartikel fléissen déi Suen?

D'Gesamtkäschten vum Marché belafen sech op 2'250'000 Euro TTC, déi, wéi all aner Depensen vum Projet virfinanziert ginn, konform zum Artikel 3 vum Gesetz vum 6. Dezember 2016 "relative à la construction du bâtiment Jean Monnet 2 de la Commission européenne à Luxembourg-Kirchberg".

Lëtzebuerg, den 16. Dezember 2021
(s.) Carole Dieschbourg
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung